N°428
Entrée le 06.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An engem Tageblatt-Artikel vum 4te Mäerz gouf iwwert Mëssstänn beim Service vun den CFL beriicht, dee fir d'Videoiwwerwaachung an den Zich souwéi de Garen zoustänneg ass. Wéi d'Direktioun vun den CFL an enger Pressekonferenz erkläert huet, ass de Service do, fir mat der Police zesummenzeschaffen. De Service soll selwer Infraktiounen mellen oder der Police an dem Parquet op Demande Biller zur Verfügung stellen. *"Die Kameras seien hauptsächlich da, um den Passagieren ein Sicherheitsgefühl zu vermitteln und das Material der Polizei zur Verfügung zu stellen."* (Tageblatt 5/3/2024)

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi oft huet Police an de vergaangene 5 Jore Kamerabiller beim Service BMS ugefrot a krut?
2. Wéi oft huet de Service BMS an de leschte 5 Joren op eegen Initiativ der Police oder der Justiz Saache gemellt?
3. Wéi vill Disziplinarverfahren (OG10) goufen et an de leschte 5 Jore beim Service BMS?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°428
Entrée le 28.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, an vum Här Leon Gloden, Inneminister op d'parlamentaresch Fro N° 428 vum 6. Mäerz 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer de Service Vidéosurveillance vun den CFL**

1. *Wéi oft huet Police an de vergaangene 5 Jore Kamerabiller beim Service BMS ugefrot a krut?*

D'Police huet an de vergaangene 5 Jore 1183 Kamerabiller ugefrot.

2. *Wéi oft huet de Service BMS an de leschte 5 Joren op eegen Initiativ der Police oder der Justiz Saache gemellt?*

De Service BMS huet an de leschte 5 Joren 12 mol ob eegen Initiativ der Police Saache gemellt.

3. *Wéi vill Disziplinarverfahren (OG10) goufen et an de leschte 5 Jore beim Service BMS?*

Vun 2018 bis 2023 goufen et 5 Disziplinarverfahren beim Service BMS.

Lëtzebuerg, den 27. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes